

Sproochtraining fir doheem

Bonjour,

An deenen nächste Wochen, begleede mir lech hei mat engem Fitness Programm fir d'Sprooch.

Dës Übungen, riichten sech un all d'Aphasiker, vun liicht bis ganz staark betraff.


Fir déi, déi am Ufank vun der Therapie stinn an déi, déi schonn e laange Wee hannert sech hunn.

All Aphasie ass eenzegaarteg, dorops hin ass et wichteg d'Übungen individuell unzepassen.

All Hëllef fir dësen Programm z'ënnerstëtzen an ze begleeden ass natierlech wëllkomm.

I. Opwermtraining

- Virum Spigel ganz däitlech, haart an fest den Vokal **/a/** soen, dobäi ass den Mond grouss op,
- Duerno den **/i/** an den **/e/**, dobäi ass den Mond breet,
- Den **/u/** an den **/o/**, dobäi ass den Mond ronn



- Op den Laut **/L/** an den Laut **/M/** kënnt dir een Vokal (i, e, a, o, u) hannendrun hängen, an op eng Melodie sangen (zum Beispill op d'Melodie vum Happy Birthday sangen).


II. Wuertschatz (Thema Gaart)

- Wéi eng Begrëffer verbannt dir mam Thema Gaart? Ënnersträicht déi Wieder a begrënnt är Entscheedung.

Bunn	Schëpp Elefant	Bierg	Dësch	Rutt
Dram	Këscht Heckeschéier	Stär	Apel	Bett
Kär Teppech	Buedem	Pällem Fee	Hängematt	
Taass Vioulen	Géisskan	Forschett Kraider	Blummen	
Stamm	Kalenner Péiterséileg	Reech	Äerdbier	Glace
Zalot Aarbecht	Gras	Onkraut Recolte	Auto	
Wollek	Strand Rousen	Këssen	Schof	Weier
Dünger Marquise	Méimaschinn	Hond Dréck	Pneu	
Händschen Pissblummen	Schubbkar	Mënz Schleek	Heel	

- Deckt d'Säit lo w.e.g of, an notéiert déi Begrëffer, déi dir lech gemierkt hutt.

III. E bëssen vun Allem



Source: 365 jours avec Sempé Editions Denoël

- Nennt 20 Wieder, Verben oder Adjektiver déi dir op dësem Bild gesitt
- Schreift a liest dës Wieder

IV. Zifferen

- Liest den Tableau d'äitlech a fléissend vu lénks no riets (zum Beispill: giel - 6 - rout - 2)

	6		2	3	2	6
	4		3	4		2
6	3			6		
6			4	6	6	
	4		3	3	4	2

Vill Spaass a bis d'nächst Woch!

Mir géingen eis iwwert är Réckmeldung (info@bletz.lu) freeën,

Myriam Kieffer an Astrid Houwen

Orthophonistes